



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :

02 AOUT 2019

10/10

Lëtzebuerg, den 02/08/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Mobilitéit & Wirtschaft weiderzeleeden.

No den Informatiounen vu verschiddenen Ëmweltorganisatiounen gëtt an der EU ëmmer nach op Palmueleg zeréckgegraff fir de Biodiesel ze produzéieren.

D'Versatilitéit fir den industriellen Asaz vum Palmueleg ass albekannt. Ob am Schockela, a Seefen oder am Päschen, säitdem de Palmueleg bekannt gouf, a bal allen industrielle Produiten ass dësen bëllege Rohstoff ze fannen. Den Informatiounen vu *Greenpeace* no, ass an all zweete Produit an engem Supermarché Palmueleg dran. Well d'Uelegpalm dat ganz Joer iwwer wiisst an d'Früchten een heéien Ertrag un Ueleg hiergëtt, huet Industrie vun ufanks un vum Palmueleg profitéiert fir bëllege Masseproduktér op de Marchéen ze verkafen, vun Liewensmëttel bis zu industrielle Gidder.

Dëst awer op Schued vun der Ëmwelt. Et ass allzäit bekannt, dass den Ubau vum Palmueleg schwéier ekologesch Konsequenzen mat sech zitt. Länner, déi wirtschaftlech op den Export vun dësem Rohprodukt ugewise sinn, hunn ouni Récksiicht op d'Natur Milliounen un Hektaren u Bëscher ofgeholzt fir esou méi Uebaflächen fir d'Uelegpalm ze schaffen. Mat der steigender weltwäiter Demande hunn déi Länner am gläichen Tempo d'Offer erhéicht an esou nach méi Bëscher ofgeholzt, well den wirtschaftlechen Erfolleg si dozou verleet huet.

Dass de Palmueleg a Liewensmëttel Uwendung fënnt, ass eng Saach. Dass aanerersäits an Europa grouss Raffinerien awer weiderhin op de Palmueleg setzen, fir Biodiesel hierzestellen, ass awer eng ganz aaner. Dat ass ugesiichts vum Honger an der Welt keng responsabel Approche.

Den Informatiounen vum *Réseau Climat Action* no, ass den Asaz vu Palmueleg am Biodiesel, deen an der EU verdriwwe gëtt, an de leschte Joren ëmmer weider an d'Luucht gaangen. Erreicht no 2030 soll den Asaz vu Palmueleg am Biodiesel ganz verbuede ginn, dëst op d'Decisioun vun der EU. Wann een awer weess, dass nom IPCC-Rapport d'CO₂-Emissiounen bis 2030 ëm 45% musse reduzéiert ginn a gläichzäiteg de Verbrauch vum Palmueleg aktuell steigt an domat och ëmmer méi Bëschräiflächten ofgeholzt ginn, da musse scho fréier Alternativen zum Gebrauch vum Palmueleg als Dreifstoff fonnt ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Sorten Dreifstoff, déi zu Lëtzebuerg op den Tankstelle verkaf ginn, enthalen Palmueleg?
2. Wéi vill Tonnen Palmueleg gi schätzungsweise all Joer verbraucht, fir den Dreifstoff,



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

den op lëtzebuergeschen Tankstelle verkaaft gëtt, ze produzéieren (vun 2014 bis 2019)?

3. Wéi eng Mesurë wëll d'lëtzebuergesch Regierung zu Lëtzebuerg souwéi op europäeschem Niveau ënnerhuelen, fir de Gebrauch vu Palmueleg am Dreifstoff scho virun.2030 ze reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire



Luxembourg, le 27/09/2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n° 1010

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire n° 1010 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Énergie,

Claude Turmes

Réponse commune du Ministre de l'Énergie et de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n° 1010 du 2 août 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen

Wéi vill Zorten Dreifstoff, déi zu Lëtzebuerg op den Tankstelle verkaf ginn, enthalen Palmueleg?

Just eng Zort Dreifstoff, deen zu Lëtzebuerg verkaf gëtt enthält Palmueleg: De „B7“ (Diesel mat enger Teneur vu bis zu 7% vol. Biodiesel).

Wéi vill Tonnen Palmueleg gi schätzungsweis all Joer verbraucht, fir den Dreifstoff, deen op lëtzebuergeschen Tankstelle verkaaft gëtt, ze produzéieren (vun 2014 bis 2019)?

Tëschent 2014 an 2018 sinn am Duerchschnëtt pro Joer schätzungsweis 12.000 Tonne Palmueleg verbraucht ginn, fir den Dreifstoff, deen op lëtzebuergeschen Tankstelle verkaaft gëtt, ze produzéieren. Eenzel Joren méi, aner Jore manner. D'Variatione si wahrscheinlech op d'Volatilitéit vun de Marchéspräisser zréckzeféieren.

Et muss een dës Zuelen an de Kontext vun de Vente vun Dreifstoff zu Lëtzebuerg insgesamt setzen: An der Moyenne sin an de Joren tëschent 2014-2018 +/- 2.000.000 (genau 2.014.743) Tonnen Diesel a Bensin pro Joer um Marché verkaaft ginn.

Wéi eng Mesurë wëll d'lëtzebuergesch Regierung zu Lëtzebuerg souwéi op europäeschem Niveau ënnerhuelen, fir de Gebrauch vu Palmueleg am Dreifstoff scho virun 2030 ze reduzéieren?

Déi nei Direktiv 2018/CE/2001 gesäit vir, dass de Gebrauch vu Biokraaftstoffer, déi net nohalteg sinn, ab 2024 soll kontinuéierlech erofgoen a bis Enn 2030 ganz verschwanne soll.

Lëtzebuerg huet sech dofir op EU-Niveau agesat a schreiwet als eent vun de wéinegen EU-Länner den Operateure vir, datt nach méi séier a méi staark muss op nohalteg Biokraaftstoffer gesat ginn.